

Extrait: 'De Kuch am Emengvond',  
Nicolas Kremer, 1985

G e h e i m d o k u m e n t .

d'oll vun der L.L.L. n8 dem Umachwongk.

1. L.L.L. iwerhëlt d'zivil an d'Polizeigewalt vun den Gemengen, durch Besetzung vun dénen verschiedenen öffentlichen Gebäuer. De comité vun der L.L.L. an vun hie besuchend Vertrauensleut ein de provisorisch, verantwortlech an massgebend Faktoren, vun dem Zivil, Polizei an Gemengengeschäften. Op banger vun comité se bestemmer Plëtz versammelen sech d'Mitglieder vun der L.L.L. wo dann d'Chargen ausgedéelt gin. De sinn:
  2. An allge Gemeng en Aukunftsbüro obsichten, wo d'Leit an eventuell d'Besatzungstruppen dé nédeg Anskunft erhalen.
  3. Eng Polizeitrupp se schaffen de an folgend Gruppen ansedelen ass:
    - a) all Transportmetelen se beschlagnahmen, de dann der Organisation zur Verfügung stinn.
    - b) D'Obrechtührung vun Disziplin vun der Zivilbevölkerung an de Stréssen.
    - c) D'Verhaftung vun alle Preisen, Letzeburger Preisen an hir Helfershelfer. (Prisonn, Schëlle).
    - d) D'Iwerwächung vun alle Preisen-Verhaltenen, an d'Besetzung vun allen offiziellen Gebäuer net vergiesse, wo Post, Büro etc. all aner offiziell Gebäuer net vergiesse, wo Post, Büro etc.
    - e) Beschlagnahme vun alle wichtige Dokumenter an dénen Heiser, wät ganz wichtige ass.
  4. Durch Plakatschle'h get der Zivilbevölkerung hir Verhaltungen masseregelen bekannt gin.
  5. E Sanitätsdienstgecht, wo all Doktor an all Aptiker vortru'eden an (Spidel).
  6. Eng Verbindungstrupp mat dem Zentralcomité, an eventuell mat den Besatzungstruppen.
  7. All Mitglied kritt en nationale Brassard, dé dann nëmme d'recht hun an kritischen Momenten op d'Stréss se go'en. (rechten Arm.)
  8. D'Ernährung vun de Leit, an d'Herbeischaffen vun frescher Mellech fir d'Kanner etc.
  9. All Mitglied stéht den Moment önnner militärescher Disziplin, dät hécht; all Order gëtt oni Widerri'ed so se'er an eso gutt we' me'gleich ausgefe'ert.
  10. All dé Posten sin ze verduehlen, an dénen betreffenden Gruppen chef's müssen Engéend Leit zur Verfügung ston.
  11. All Sectionschef huet sofort unzeginn, wiewill Mitglieder sie stark sin. Den Zentralcomité hält d'Prassarden an, bis den gegebenen Moment. Det Dokument ass strikt perse'nlech, an nemen an Sectionscomité ze diskutieren, an dem d'Schweigen hir höchst Pflicht ass.!

Vive eis Hémecht


Alles fir Letzeburg.!!

DÉI ALLIÉERT SIGELANT

6. Juni 1944... Märsätze ronderëm de Radio ënner engem groussen Duch fir datt ee vu virun der Dir aus näischt sollt héieren. Et sin an engem Stéck schiffréiert Messagen iwer de Sender komm, déi fir de Maquis a fir d'Résistance am Frankräich bestëmmt woren. Et as drëm gaangen, de Preisen hire Nuschub ze stéieren, wat nët omni grouss Blutaffer a Repressalié geschitt as. Den 10. Juni 1944 kommt ee gesin zu wat d'Preisen an der Roserei amstand woren.

Zu Oradour am Frankräich hun d'S.S. d'Männer alleguer zesummegegrüen, d'Fraen an d'Kanner an d'Kinch geschlääft, alles eischoss an d'ganz Uertschaft a Brand gestach. Em 15.45 Auer sin zu Oradour sur Glane all Auere stoe bliwen.

Fir eis huet et also gehäächst, duebel vütsichtig ze sin. Eis Preparatioune fir den Dag X sin op vollen Ture gelaf. Eis Fraen hu fläisseg Fändelen, Aarmbänner, Képiën an Hiemer gebitt. Ech hat bal vergiess ze soen, datt eis Haapverbindungsléit Kieffesch Jeanny a Gruneisen René woren. Si hun eis Kommissioune gemaaht a gesuergt, datt d'Verbindunge mat denen aneren L.R.L. Comités memberen nët ëmmerbrach si gin. De 5. Juni wor de René nach bei eis an as guddes Mutts vun eis fortgaang. De 6. Juni, also op den Dag vun der Invasioun as hien, well en nët an de Gruet hätt wëlle schaffe goen, op der Büro vun der S.S. Polizei geruff gin. Et wor eng gestalte Fal. Hien huet de Policebüro zwëschen zwéi Gestapo verlooss... Wéi mäs datt gewuer si gin, wor op eemol all eis Fräd iwer d'Landung ewéi ewech geblosen. Märs hun nët méi roueg geschlof an hämlech gehofft, datt de René géng duer halen. Am Verhéier huet et sech ëmmer em déi



De René GRUNEISEN. Hien huet dem Émmerdrecker laang de Bass gehalten... bis si hien erwécht haten

gedreit, déi de René zwar vu fréier kannt huet, awer scho lang nët méi gesin hat. Hien as vun engem Prisiong a vun engem Lager an dat anert geschläift gin, huet awer nëischt verrodde, wat fir eis ganz wichteg wor. Mäer hun hien eréischt no der Libération erëmgesin. Bei eis huet sech e kleng «Changeement de domicile» ugekënnegt. De Jim an de Pierre si fort gaang an de Bip an de Raymond aus de Stad sin an hir Plaz komm a mäer woren erëm «komplette». E puer Woche virdu wor och nach de Marcel aus dem Wangert an eis «Pension de Famille» opgeholl gin. Him konnte mäer et verdanken, datt vun deem Dag un eis Bifdecke e bësse méi grouss si gin!

Mat grousser Fräd a Satisfactioun hu mäer d'Noriichte vun der Schluucht un der Atlantikküst verfollegt bis déi Alliéiert e puer fest Bréckekäpp gebaut haten. Den 1. Juli 1944 as Cherbourg gefall.


### 15. AUGUST 1944 . . . DÉBARQUEMENT EN PROVENCE

An der Normandie haten d'Amerikaner an d'Engländer bal 1 Millioun Zaldoten débarquéiert a si systematesch virgeréckt. Zu Tarente an Italien hun d'Zaldote vun der »1<sup>re</sup> Armée française« ongedéleg op eng Invasioun vun der Provence op der Côte d'Azur gewaart. Den 10. August sin déi éischt Divisiounen ageschéift gin, de 15. August 1944 mueres ém 5.50 Auer zwësche Cavalaire an Anthéor op 3 Plaze gelant fir hir »Patrie« ze befreien. Bei deem ganze Landungsmanöver wor d'Libération vun Toulon a Marseille als éischt wichteg Punkte virgesin. Mat Hëllef vun der 1<sup>re</sup> Division Aéroportée as dat och geschitt.


D'Franzosen hu 7/10 vun der ganzer Invasiounsarmei gestallt, énnere Kommando vun Generol de Latre de Tassigny. De »Gros« vun den Invasiounstruppe wor op der Plage zwëschen dem Cap de Dramont an Agay gelant. Op deser Plaz, déi elo »Square Général Dwight D. EISENHOWER« hääscht, stät an der Mëtt e Monument, wou een op der Erinnerungspack liese kann:

C'EST SUR CETTE PLAGE OPINIÂTREMMENT  
DÉFENDUE QUE LE 15 AOÛT 1944  
DÉBARQUÈRENT EN FORCE LES HOMMES  
DE LA 36<sup>e</sup> DIVISION D'INFANTRIE AMÉRICAINE.  
C'EST D'ICI QU'AVEC LEURS ALLIÉS FRANÇAIS,  
ILS COMMENCÈRENT LA POUSSÉE QUI LES AMENA À  
TRAVERS LA FRANCE, L'ALLEMAGNE ET L'AUTRICHE,  
ACHEVANT LA DESTRUCTION COMPLÈTE DE  
L'ARMÉE ALLEMANDE ET DU RÉGIME NAZI

Vis-à-vis vun der »Place du débarquement« konnt ech op den Hiwelen a Koppen déi däitsch »Abwehrstellungen« vun deemools kucke goen, déi nach no 40 Joer gutt erhalte sin. D'Autoritéit vun der Stad St. Raphaël hate mäer erlaabt, an der »Bibliothèque Municipale« déi ganz Dokumentatioun iwer den »Débarquement en Provence« vun Jacques ROBICHON duerchezblédere. Et as u mech



Le débarquement en Provence le 15 août 1944



Le Monument du Débarquement sur la plage du Cap de Dramont



... à nous la victoire

gaang, wéi ech d'Nimm vun all dene jonge franséischen Zaldote gelies hun, déi schon den éischten Dag gefall sin.

All déi Plangen, Skizzen a Rappore beweisen, datt den »Débarquement en Provence« keng lichts Mission wor. D'Preise konnte vun hire guddle Stellungen aus déi ganz Plage vum Mittelmeer Iwerwaachen. Völl franséisch Zaldote vum Groupe Naval d'Assaut Français, déi drop aus woren, als éischt hir Hemecht erëm zegesin, sin am »Sperrfeuer« vun der dätischer »Abwehr«, némmen e puer Meter vum Hemechtsbuedem ewech, gefall.

Si sin nët eleng fir Frankräich gestuerwen, well hiren Asaz huet och zu eiser Liberation bäigedroen. Loosse măr dat och no esou laanger Zäit *n'ist* vergiesen.

## DE MASSAKER VU REVIN

Déi grouss Fräiwer d'Landung vun den Alliierten hat och eng Grupp Partisanen erlaasst, déi am Maquis an de franséischen Ardennen sech virberät haten de preiseschen Noschub unzegräifen an ze zerstéieren. Si wollten domat hiren Däl zu der Liberation vun hirer Hemecht bäidroen. Wéi himme Waffen an aner Material



Jean JANDER (geb. 26.1.23) am Maquis  
eischoss zu REVIN den 13.6.44



Ugène JANDER (geb. 24.2.25) am Maquis  
eischoss zu REVIN den 13.6.44

paraschütéiert gi wor, huet de Kommandant, de Colonel de la Bollardière, séng Leit an dräi Gruppen agedäält fir am Noufall dee 433 Meter héije Plateau vun Bësch, genannt Malgré-Tout ze verdädegen. Si woren zuesammen eng Equipe vun 250 Leit, déi aus alle Beruffer an aus alle Schichte vun der Populatioun komm sin. Hir Moral wor guut, awer hiren Equipement vu Waffen nët zum beschten. Énner hinne, véier franséisch a fënnf englesch Offizéier. 73 jong Mënnsche vu Revin selwer, déi et nët méi énner Daach ausgehal hun, wéi si déi guut Norricht vun der Landung héieren hun, haten sech virum e puer Deg ugeschloss.

Den 12. Juni hun d'Preisen duerch eng Dénonciatioun, d'Maquisaren ugegräff. Déi éischt Attaque konnt ofgewiert gin. D'Preisen hu Verstärkung erugezun. D'Maquisare sin an eng schwirig Situatioun komm an hu versicht duerchzebitechen. Si woren énzigelt vun enger Iwerzuel vun 3.000 dätischen Zaldoten, dovun d'Halschent S.S. énner dem Kommando vum Major Grawoski, déi kă Pardon kannt hun. An der Nuecht vum 13. op de 14. Juni hun d'Preisen de Kräs émmer méi zuesumme gezun. Esouguer déi Gefaangen a blesséiert Maquisaren si regelrecht hingericht gin. Et wor e richtige Massaker. E Lëtzebuerger, de J.B. Schmitz vun Huldang hat et fäerdeg kritt am leschte Moment op en héije Bam zeklammen an as doduerch

mam Liewen dervu komm. 7 schwéierblesséiert Maquisaren, déi als doudeg vun de Preise leie geloss wore gin, sin ënner grousser Gefor ewechgeholl an am Spidol vun Hauts-Buités verstoppt a vun de Schwesterner häämleech gefleegt gin. Si sin dervu komm. Ënner dene Gefalenen, och zwéi Lëtzebuerger... zwéi Brëdder... de Jean an den Uguène JANDER, 19 an 21 Joër, vun Déifferdang. Si sin den 8. Oktober aus dem Massegraf erausgeholl an de 14. Oktober an hir Hemechtsstad Déifferdang bruecht gin.

Um 25. Joresdag vum Massaker vu Revin hun déi drei Résistenzgruppen ARDE, L.P.F. an L.R.L. um déi zwéi Maquisare geduecht, déi hiert jongt Liewe fir d'Heimecht hiergin hun. Um Enn vun den Feierlechkeite zu der Grënnung vun de «Lëtzebuerger Politische Flüchtlengen» virum 30 Joër, hun déi dräi Organisationsgruppen ARDE, L.P.F. an L.R.L. e Pëlerinage op Revin organiséiert. Si hun op de Plaze vum Massaker a virum grousser Monument Blumme niddergeluegt, als Bewäis datt all déi Allier nët vergiess sin.

## ENG FORCÉIERT EVAKUATIOUN

Express oder nët... igringenden huet eis am Haus Useldinger an eng geféierterlech Situatioun bruecht: «An engem Verhéier sollt den Numm Useldinger gefall sin... et wär besser măr gëngen eis gläich ewech maachen!» Dat wor awer nët esou licht. Măr hun alles zusummegeraakt, wat «verdächtig» wor, agepaakt a verpaakt. Alles wor an Alarm... Kieffesch Jeanny as gläich d'Familjen avertéierter gaang. Provisoresch kënnte măr fir e puer Deg bei de Bauer Didier vis-à-vis an d'Scheier. Dat wor am Fong déi beschte Léisung. Măr hu gewaart bis et ganz däischter wor. De Lommel huet de Raymond schon am hellen Dag ewech geholl. Den Arméi as bei de Bäcker Rommes gelaf. Den Uguène suz bei Didier's am Gaardenhaische bis séng Famill hien ofgeholl huet. De Bip wor nët am Haus, well hien deen Dag virduun op Besuch an d'Weiergaass gaange wor. De Marcel an ech si bei de Bauer Didier op d'Genn gelaf. Wéi ech muerges erwächt sin, luech ech ongeféier en halwe Meter niewent dem Lach fir erof an de Stall. Wann ech mech emol am Schlof gedréint hätt, wär ech 6-7 Meter déif erof an de Kéistall gefall. De Jemp selwer wor e puer Haiser erop bei Kieffesch Jeanny ënner Daach gelaf. Mueres huet d'Anna d'Päerd ugespaant an as op den Tur gefuer ewéi wann näischt wär. Kriddels Jeanny as dem Anna am Tur entgéint gaang an huet gehollef.

Deen aneren Dag hat dem Marcel säi Papp eng guut Iddi, fir säi Jong a mech aus dem Stall erauszekréien. Als Päerdsmetzler hat hien eng Autorisatioun fir mam Auto ze fieren. Hien huet den Unhänger un den Auto ugekrempt an as an d'Escherstrooss gefuer. Am Unhänger hat hie ganz vill Stréi an e puer Ämère mat Schosselen a Messeren, jee alles, wat fir eng «Notschlachtung» noutwenneg gewiescht wär. Hien huet den Unhänger beim Haus Didier hammerzeg bis bei d'Stall dir gedréckt an huet ugefaang un engem Päerd ze hamféieren, wéi wann hien d'Päerd géng ënnersichen. De Marcel an ech suzte prett am eidle Schwäistall a sin um Bauch an den Unhänger ënner d'Stréi gekroch. Et wor héich Zäit, well e Preis,



Organ vun der Unio'n vun de Letzeburger Freiheitsorganisatiounen.  
JOURN. No 2 Erscheent virleefeg omol an de'nt. AUGUST 1944.

## E D I T C R I A L

"Sit éneg, éneg, éneg!"

De Krich gët örmer me' senkem Enn zo'. Kach hu mer dat Schlömmet nët iwerstan, an trotzdem fënkt all Mensch un nés me' frei cizeetmen: Et ass nët me' fir läng!

Awer wäit dem Enn vum Krich, matt der Erle'song aus den Münn vun Preiss könt ons eng aner Sarg me' no: d'Sarg en d'Zo'könt vum onser democht a vun onsen Vellek.

Schon haut stelle vill Letzeburger och d'Pro, we' et so lesom Krich an irale Letzeburg soll ausgesin, an ob met all ons afför, de' mer fir ons Freiheit bruecht hun enness woren.-

Wa mer 25 Joer zreckdenen, un d'Enn vun Leschte Weltkrich, äc f'anne mer, we' onst Land débols bannen- a lausopolitesch an amer 'Ganz vorwurfler Leg wer, a mir stelle fest, datt et démols op en Hor fir ons Freiheit an Onofhängegkët geschitt wer.

Haut stët onst Land an enger vill besserer Situatio'n.

Letzeburg huet an engem Krich vu 4 Joer dem Preis de Kaff gewisen an ons Regirong hat d'ing'ghobkët fir d'ir ganzer Welt datt se soon a fir ons Intressen hierall ze vertriiden.

Trotzdem darfe mer ons d'Zo'könt net revill licht virstellen.

dee grad laanscht gaang as huet den Auto vum Félix erkaamt a wollt sech umellen, fir e guut Steck vum «Biddi» réservéiert ze kréien... «Falscher Alarm», sot de Félix, «es langt nicht zu einer Noterschaltung.» De Martin's Jo, deen de Kneipe Félix beglät hat, well hien déi Zäit nach am Wängert gewunnt huet, huet séier déi schwéier Dir vum Unhänger eropgeschloen an zougemaacht. De Félix huet mech um Fousbann erausgeloo, an ech sin an d'Bäckerei Pütz-Kremer etagelaf, wou och maï Vëlo am Gäuk stong. Ze soe bleift, datt ech dräi Vëloën hat. Deen aneren Dag sin ech bis op Lampech bei de Roger gefuer. Vun do dann an der Nuecht erëm vintum op Lëtzebuerg an d'Michel Welterstrooss bei d'Famill Jeanty Jengt.

## KONFERENZEN AM ËNNERGROND

Ech hu mech gemellt, wou ech ze erääche wär, an e puer Deg méi spët sin ech ewech geholl gin, fir um Lampertsbiërg an der Avenue du Bois (Bambësch) Nr. 11 am Haus Hagen un enger Réunion vum Comité Central dälzchuelen. E puer Message vu London si besprach gin. Bis spët an d'Nuet eran hu mäi un Manifest fir d'Liberatioun geschafft. Et wor schwéier, well beschloss wor gin alles op Lëtzebuergesch ze schreiwen a well deemools nach keng eenbeetlech Schreifweis vun eiser Sprooch eraus wor. Den zwäiten Dag hu mäi d'Augustnummer vun der Zeitung «Fir d'Fräihäit» virberät, wou ech och eng Säit sollt iwerhuelen an och geschriwen hun (Säit 8). E puer Deg méi spët sin ech mat dem Raymond an d'Neiduerf gefuer, wou mäi mat nach e puer aner Patrioten eng Entrevue mam Josy ZINNEN hatten. Dat wor nach kuerz éier de Josy verrodde a verhallt gin as.

Ech wor nët roueg bis ech Norricht vun Déifferdang hat. Et wor alles roueg bliwen. De Jemp as awer trotzdem ëmmer Daach bliwen an d'Anna huet den Tu eleng gemät. Hatt huet déi schwéier Mëllechkan bal nët gepackt. D'Preisen hun d'Anna gefrot, wéi et dem Jemp gëng goen. Hatt hat jidderegem gesot, datt de Jemp eng schwéier Longenenzündung hatt an op d'Land gefuer wär, fir dat auszehälën. Ween egentlech dee falschen Alarm gin hat, si mäi ui gewuer gin. Trotzdem hu mäi eis doriwert Gedanke gemaacht!

## 24. AUGUST 1944... Paräis as gefall

Montez de la mine, descendez des collines, camarades... sortez de la paille, les fusils, la mitrailleuse, les grenades.

D'Preisen hu sech ergin an d'Résistance as mat hinne geridden. Ech hu mäi Vëlo geholl a sin op Déifferdang gestrampelt, direkt häm an d'Bierstrooss op Nummer 63. Verschiedde Lëtzebuergער Preisen hun hir Päck gemaacht an ugefaang «Heim ins Reich» ze plënneren. Hei vir aus dem Loutréngesch si mäi gewuer gin, datt d'S.S. wéi se sech zréckgezun hun, nach Leit erschoss hun, déi ze vill fréi erausgaange woren, fir schon ze feieren. Spannung, Oprengung a Fräd hun sech ofgeléist.

## DEN 1. SEPTEMBER 1944

An der Nuet machen ech mech op de Wee häm a méng Wunnéng. Fira a Kand wore frou, fir mech erëm ze gesin. Leit aus der Strooss hu mäi gesot, datt eng 20 russesch Prisonnéier aus dem Lager op der Schlackemille fortgelaf wäeren an härtten sech am Woierbësch verstoppt. D'Preise gëngen op d'Camioë waarden, fir de Rescht fortzettransportéieren. Ech maache mech op de Wee fir op d'Schlackemillen duerch d'Wäsen erop. Een deen déi selwecht Iddi hat ewéi ech, as mäi begéint... den Alfréd Agostini aus dem Déifferdangervee. Et woren nëmme méi zwéi Poste beim Lager, déi och um Spronk wore fir ze verschwannen. Si hun sech guet nët em eis bekënnert, wéi mäi e ganze Grupp deportéiert russesch Medercher a Frae mäi fortgeholl hun. Den Agostini huet en Däl mat a Richtung Zolwer geholl, an déi aner hun ech an der Zolwerstrooss bis erof op de Fousbann verdälit. Trotzdem et um leschte Wippchen wor hun awer nach vill Leit gezéckt fir e Gefaangenen oder Deportéierten ëmmer Daach ze huelen. Spontan wore berät fir Gefaangenen an hir Wunnéng opzehuelen: KUGELER Joseph, ZIMMER Christophe, Mme HOSTERT, SCHMIT Jean, MEYER Jean, FEYEREISEN Albert, REISCH-LOESCH Batty, Mme GIOT-GROSS Anne, GOEBEL J.P., RAUCHS Léon, JUNKER Fermande, KREMER Nicolas. 68 sowietesch Prisonnéier an deportéiert Leit sin



E puer vun deene russesche Medercher, déi vun de Preisen op Déifferdang deportéiert wore gin